ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der allgemenger Diskussioun ronderëm de private Besëtz a Gebrauch vu Waffe gëtt och ëmmer rëm déi potenziell Gefor opgeworf, datt dës Waffe fir kriminell Dote kéinte mëssbraucht ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill kriminell Doten, bei deenen et zu enger Verurteelung duerch d'Justizautoritéite koum, goufen tëschent 2013 an 2020 mat legale Waffe verüübt? Wéi vill kriminell Dote goufen an deem nämmlechten Zäitraum mat Waffe verüübt, deenen hire Besëtz scho virdrun illegal war?
2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi eng Zort vu krimineller Handlung mat wéi enger legaler Waff, opgedeelt no Kategorie (Schosswaffen, Messeren asw.) ausgeüübt gouf a wéi dës Zuelen sech am Beräich vun den illegale Waffe presentéieren, béides jeeweils fir deen an der Fro virdru genannten Zäitraum?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten